piraten.lu

N°3523
Entrée le 23.01.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.01.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Wéi schonn a virege parlamentaresche Froen (n°2156 oder 3426) erkläert, verrechne vill profitorientéiert Crèchen a Foyeren den Elteren integral ee gewëssene Stonnesaz pro Woch fir d'Kannerbetreiung. Heibäi verrechnen d'Profitcrèchen systematesch maximal Forfaiten, onofhängeg dovunner, ob d’Kanner d'Stonnen notzen oder net.

An engem rezente Beispill verrechent ee Foyer wärend der Woch vun der Chrëschtvakanz mat 2 Feierdeeg ee Forfait/Stonnesaz vu 60 Stonnen. Realistesch gesinn kéint d'Kand awer maximal 15 Stonnen den Dag an de Foyer goen, well d'Ëffnungszäite vun deem Foyer maximal vun 5h00 bis 20h00 sinn.

An der Chrëschtdagswoch kéint d'Kand theoretesch also just 3 ganzer Deeg (72 Stonnen) an d'Crèche goen. Bedeit also, dass d'Crèche sech d'Recht eraushëlt, fir den Eltere 60 Stonnen ze verrechnen, obwuel et logistesch Mol net méiglech ass, déi 60 Stonnen ze garantéieren

Duerch dëse Mechanismus hu vill Elteren an de leschte Jore missten an de Schoulvakanzen eng kräfteg Schëpp Sue bäileeën, well d’gratis Kannerbetreiung hei net gëllt an d’Staatssubventioun da manner wéi 6€/Stonn bedréit. Verschidden Elteren, ma och de Staat, bezuelen esou iwwert d'Vakanz vill Sue fir näischt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Dierfen d'Crèchen ënnert dem aktuelle Gesetz och Stonnen während de Feierdeeg berechnen?

2. Dierfen d'Crèchen ënnert dem aktuelle Gesetz och Stonnen verrechnen, wann se zou sinn?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

3. Aus dem uewe genannte Beispill: dierfen d'Betreiungsstrukturen ee Forfait vun 60 Stonne berechnen, och wann se theoretesch just 45 Stonne kéinten den Accueil garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés